

Am Réckspigel



Illustration: Dan Altmann

Romain Butti

Mat de Fanger vu menger Händsch, an där ech kee Gefill hunn – et ass kal –, hunn ech dee labbere Réckspigel fräigewëscht. Du häss de Spigel well méi laang solle flécken an et war ni de richtige Moment – keng Zäit, keng Loscht, keen do. Wann ech iwuer dës knubbeleg Weeër hei fueren oder iwuer déi laanggezunne Bunnan, kann et virkommen, datt ech näischt am Spigel gesinn, e wibbelt an ziddert a mécht d'Siicht no hannen eraus, hanner mech, praktesch onméiglech. Et ass schwéier fir mech ginn, no hannen ze kucken.

E Flom vu Salz an eng Riddo Reen loosse ech iwuer mäi Kapp zéie loosse wéi e Gips, dee mir geluecht gëtt, wéi en Zellophan, deen ech mir iwuerstréppen, deen d'Form vu mengem Gesiicht unhëlt a mat all Zoch méi fest ugezu gëtt.

Ech si komm, fir dir eng Këscht mat Saachen zréckzeginn. D'Këscht ass naass ginn, den Deckel ass a sech selwer zesummegefall, de Kartong ass gewellt wéi d'Permanente vu menger Giedel, si wunnt net wäit wech. Op der Säit anzwousch steet en Aarm vun enger Agraff ervir, en ass bal net ze gesinn. Eng Sireen zitt tëscht de Gebaier erduerch, si dréckt d'Sträife Reen op d'Säit – wat si méi wäit kënt, wat si sech méi verfierft.

Et gëtt Saachen, déi s du mir ni gesot hues, Gespréicher, déi mir net wäerte féieren.

Um stofte Sätz hanne fladdert eng Tut, an déi ech Bréiwer a Rechnungen a Reklamme gedruddelt hunn, wéi ech bei dir an der Kiche stoung, do, wou kee sätzt. Ech dréinen d'Stëmmen um Radio méi lues. Ech mengen de Protokoll ze gesinn, dee mir zesumme kritt haten, du has en zesummegefaalt, déi laang Sträif Pabeier, an an d'Portmonni gestach, tëscht Stempelkaarten an engem Jeton fir e Spill.

Du wäerts mir net vun deene Saachen erzielen, déi dech well

esou laang geplot hunn, an ech weess net, ob ech an de Bréiwer a Rechnungen a Reklammen eng Äntwert wäert fannen, eng Pist, e Bléck op dech, deen ech ni gewot hunn.

Du weess, ech traue mech net ëmmer, eppes ze soen. Ech mengen, dat hunn ech vun dir.

Ech hunn aus der Fënster gekuckt an den Trampolin gesinn. Seng Staange si schif gewiescht, um Buedem war en donkele Krees, an deen sech de Schnéi net getässelt kritt huet.

Ech brauch déi Saachen net méi, déi s du mir ginn hues. Iert ech meng Schong erëm undoen, bei dir am schmuelen, donkele Gank nieft der Kichen, klappen ech vun de Suele vu munge Strémp e puer Fiedem oder e Stéck vun engem Blat an déi eng oder aner Pärrel Tapioca, déi s du vun Dësch gestouss hues wéi ee

vun de Camionen, déi net wäit vum Haus an d'Grouf tippen, de Stëbs a Fatzen a Spläiteren, de Geroch vu Bensinn an naasse Staangen aus Eisen zéien an d'Luucht. Wann s du d'Entrée gebotzt hues, ass Waasser mat Blosen a Schaum d'Trap bausse bis an d'Strooss gefloss.

Hei dës Strooss an de Feldwee dohannen, hues du gesot, et wieren déi lescht virun der Grenz, hues du gemengt. Nëmme den Drot, deen s du all zwee, dräi Joer frësch hues misse spane goen, deen s du eriwvergezunn hues. Et wier net gäre gesi gewiescht, mee et wier och weider kee grouss kucke komm, well wat géif et hei dann ze kucken, déi Handvoll Geessen an de Flouer oppen a wäit an eidel. Et ass schwéier fir mech ginn, no hannen ze kucken. Am Réckspigel gesäit dës Gégend verwëscht aus a verwackelt.

State Trooper

New Jersey Turnpike, ridin' on a wet night'
Neath the refinery's glow out where the great black rivers flow
License, registration, I ain't got none
But I got a clear conscience 'bout the things that I done
Mister state trooper, please don't stop me
Please don't stop me
Please don't stop me

Maybe you got a kid, maybe you got a pretty wife
The only thing that I got's been botherin' me my whole life
Mister state trooper, please don't stop me
Please don't stop me
Please don't stop me

In the wee wee hours your mind gets hazy
Radio relay towers lead me to my baby
Radio's jammed up with talk show stations
It's just talk, talk, talk, talk till you lose your patience
Mister state trooper, please don't stop me

Hey somebody out there, listen to my last prayer
Hi ho silver-o deliver me from nowhere

Bruce Springsteen

(from the album „Nebraska“, 1982)
© Sony Music Group/Eldridge

Den Auteur

De Romain Butti ass 1989 zu Lëtzebuerg gebuer. Hien huet däitsch Sprooch- a Literaturwëssenschaften zu Freiburg am Breisgau studéiert an dono zu Berlin an an Neiséiland gelieft. A sengen Texter befaasst sech de Romain Butti besonnesch mat der Isolatioun, dem Énnerweessinn an der Sich no Zougehéierkeet tëscht der gewalterger Natur an der Anonymitéit vun der Grousstad.

Fir säin Theaterstéck „Fir wann ech net méi kann“ ass hien 2018 beim „Concours littéraire national“ mam 1. Präis ausgezeechent ginn. 2019 ass seng Novell „Ein Jahr in Berlin“ veröffentlicht ginn. D'Monodrama „Erop“ ass 2021 am Band „Connection“ erauskomm.

Die Serie This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) und copybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei copybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

Tageblatt

LÉTZEBUERG

CAPYBARA  BOOKS


UNIVERSITÉ DU
LUXEMBOURG


LUXEMBOURG CENTRE FOR
CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY